logement mateneen ze vergläichen, fir do op genau déiselwecht Zuelen ze kommen, wat da vu Logementer kreéiert ginn ass.

Madamm Minister, ech hunn et nogekuckt: Tëschent 2014 an 2018 sinn am Ganzen 125 nei Wunnengen am soziale Mietwunnengsberäich entstanen. Dat sinn der vun deenen 2.000 just ee Brochdeel. Den Effectif ass awer an d'Luucht gaangen, vun 2014 bei 62 Leit op entre-temps 100 Leit. A wann een effektiv dee Referentiel rechent, deen 2013 nach bei 2,11 louch, wat d'Produktivitéit ugeet, …

(Interruption)

… an et ass elo bei 1,22, mengen ech, ass et awer pertinent, datt een dat doten hannerfreet. Wéi kann dat sinn, mat esou ville Leit, och wann effektiv de Patrimoine ze geréieren ass, mä dee Patrimoine ass an deene leschte Joren net vill méi grouss ginn, wéi dat viru Joren de Fall wor? Ergo mengen ech, muss een dee Referentiel awer eng Kéier huelen an dat kritesch hannerfroen.

Ech wëll hei just betounen, mir sinn hei, fir effektiv proaktiv matzeschaffen a Saachen ze hannerfroen, déi net logesch, net kohärent sinn. Och mat de Resultater, ech hunn et virdru gesot, 2016/2017: Wat ass mat deene 750.000 Euro, déi innerhalb vun engem Joer méi an d'Masse salariale gaange sinn? Dat sinn awer Froen, mengen ech, et ass eis Missioun, fir dat ze hannerfroen an ze soen: Okay, gitt eis déi Erklärungen a mir sinn honnertprozenteg bereet, fir effektiv och op deem dote Wee matzeschaffen.

Ech hunn et gesot: D'Reform muss eng Kéier kritesch analyséiert ginn, fir datt et produktiv a konstruktiv an d'Zukunft ka goen. Duerfir sot mer: Wou ass den Iwwerleeungsfeeler, wat de Referentiel ugeet? Wou ass deen? Also ech hunn et elo gesot, datt effektiv net vill méi Logementer am soziale Mietwunnengsberäich entstane sinn, dat ass de Patrimoine, an net déi, déi verkaaft ginn.

(Interruption)

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* Ma neen! Mä ech hunn lech jo gesot, de Fong huet 2.000 Logementer ze geréieren! Wann Der dat vergläicht mat den 200 Logementer, déi eng SNHBM ze geréieren huet, fir dann ze soen: …

M. Marc Lies *(CSV).-* Se sinn awer net an d'Luucht gaangen.

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* „Ech huelen esou vill Leit, déi do schaffen, an ech consideréiere guer net, wat déi Leit als reell Aarbecht maachen", dann ass déi …

M. Marc Lies *(CSV).-* Ech hunn hei en Tableau, do steet alles dran.

Une voix.- Très bien !

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* … dann ass déi Rechnung irreführend! Ech mengen och net, dass dat eis e Millimeter weiderbréngt an der Diskussioun!

Une voix.- Très bien !

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* Dat mengen ech ganz éierlech net. Ech weess, dass am Fonds du logement immens vill héich motivéiert Leit schaffen, an ech fannen et schued, dat esou duerzestellen, wéi wann dat net de Fall wier, well déi Leit maachen de ganze Suivi. Déi maachen d'Renovatioun vun de Wunnengen. Déi maachen Uriff, déi erakommen, wann iergendzwousch d'Elektresch net fonctionnéiert. An da kënnt natierlech nach dee ganze Suivi social derbäi. Dat heescht, dat ass eng Aarbecht, déi kann een net vergläiche mat där, déi op anere Plaze gemaach gëtt. Duerfir, ech verstinn net, ech verstinn éierlech gesot net déi ganz Diskussioun.

Ech wollt just nach ee Wuert vläicht soen zum Gebai. D'Zuele vun der Evolutioun vum Personal weisen, dass et zimlech séier dréngend ginn ass, fir zu Gaasperech erauszekommen, fir also en neit Bürosgebai ze lounen. Duerfir ass d'Decisioun dunn 2016 geholl ginn, fir op d'Locatioun ëmzeklammen. Dat ass awer fir mech, an ech mengen och fir de Verwaltungsrot vum Fong, net eng definitiv Léisung. An natierlech si se amgaangen, sech Gedanken ze maachen - ech mengen, d'Presidentin huet dat och souguer schonn an engem Interview eng Kéier gesot -, wéi een dat dote kann an Zukunft aneschters maachen. Mir sinn amgaangen ze kucken, si sinn amgaangen, sech déi Iwwerleeung ze stellen. Mä d'Fro ass: Gëtt eppes gebaut? Gëtt eppes kaaft? Mä à terme déi Locatioun do ze maachen, dat war u sech net den Ursprongsgedanken, deen dat dote begleet huet.

Voilà, ech mengen, fir de Rescht wier ech plus ou moins op alles agaangen. Ech freeë mech op weider Diskussiounen. Ech wëll wierklech mat lech all zesummeschaffen, well ech mengen, dass dat doten net eppes ass, wat een eleng geregelt kritt oder wat d'Regierung eleng geregelt kritt. Ech soen et nach eng Kéier: Mir sinn hei … Et ass och net de Fonds du logement, deen dat doten eleng behuewe kritt. Mir mussen alleguerten zesummen do probéieren, méi Logement ze schafen, méi erschwéngleche Logement ze schafen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président.-* Den Här Gilles Roth hat nach d'Wuert gefrot.

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* Ah, ech hat dat net gesinn.

M. Gilles Roth *(CSV).-* Et geet séier.

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* Jo.

M. Gilles Roth *(CSV).-* Merci, Här President. Opgrond vun deenen Äusserunge vun de Kolleege Fayot a Cruchten, déi ech opmierksam nogelauschtert hunn, hätt ech just eng konkret Fro un lech als Regierungsvertrieder, ob et dann elo zu enger Neesaféierung vun der Verméigenssteier fir Privatpersoune kënnt oder net.

(Hilarité)

Une voix.- Hutt Der net just Är Question parlementaire gestallt?

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* Also, ech sinn, mengen ech, weder Member an der LSAP nach den zoustännege Minister. Et kann nach kommen.

(Brouhaha)

Une voix.- Et soll een ni ni soen.

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* Ech beruffe mech also reng …

M. Fernand Etgen, *Président.-* Wannechgelift!

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* … ech beruffe mech also reng op dat, wat am Regierungsprogramm virgesinn ass, an dat hunn ech do net an Erënnerung, gelies ze hunn.

M. Fernand Etgen, *Président.-* Den Här David Wagner hat nach d'Wuert gefrot.

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Jo, Merci.

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* Zu dësem Sujet oder och zu iergendeppes, wat guer näischt domat ze dinn huet?

(Hilarité générale)

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Neen, ech versichen emol originell ze sinn an ech stellen eng Fro zum Fonds du logement, …

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* Ah!

M. David Wagner *(déi Lénk).-* … déi ech scho gestallt hat wärend menger Ried, just well näämlech déi meescht Objete verkaaft ginn a ginn net an d'Locatioun. Et kritt een oft esou erkläert, jo, dat misst esou sinn, well da kann een aner Projete finanzéieren. Mä trotzdeem, also ech ginn awer och ganz oft drop ugeschwat, a vill Leit fannen dat komesch. An ech weess net, ob dat am Ausland och esou gehandhabt gëtt, zemools wat déi Proportioun ass vum Verkaf. Entsprécht dat de Besoine vun de Leit, déi iwwerhaapt eng Wunneng ufroe beim Fonds du logement? Well ech ka mer gutt virstellen, datt een eendeiteg méi an d'Locatioun misst investéiere wéi an de Verkaf an datt een dat u sech misst ëmkippen.

Merci.

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* Also, ech sinn absolutt mat lech d'accord, dass mer, an dat ass jo och dat am Regierungsaccord, wat mer dostoen hunn, dass mer méi an de Locativ solle goe vun der ëffentlecher Hand aus, well mer einfach dee Besoin hunn. An och wat d'Projete vum Fonds du logement ubelaangt, gi mer, also ass eis Richtlinn, dass mer probéieren, 70 % Locativ an 30 % Vente ze goen, well mer einfach der Meenung sinn, dass dat dat ass, wat dem Besoin entsprécht, deem mir wëllen do entgéintkomme mat eiser Offer.

Une voix.- Très bien !

Mme Sam Tanson, *Ministre du Logement.-* Okay? Merci.

M. Fernand Etgen, *Président.-* Merci villmools, Madamm Tanson.

Dëse Punkt ass domadder ofgeschloss.

9. 7324 - Projet de loi portant introduction d'un compte épargne-temps et modifiant :

1° le Code du travail ;

2° le Code civil ;

3° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Mir kommen elo zum Projet de loi 7324 iwwert d'Aféiere vum Compte épargne-temps. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Aly Kaes, den Här Frank Colabianchi, den Här Yves Cruchten, den Här Charles Margue, den Här Jeff Engelen, den Här Marc Baum an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.-* Merci, Här President. Am Joer 1999 huet de Statsminister a senger Regierungserklärung ugekënnegt, dass d'Regierung wéilt Zäitspuerkonten aféieren. Duerfir huet se dem Conseil économique et social den Optrag ginn, en Avis auszeschaffen. An dësem detailléierten Avis huet de Conseil économique et social nach emol d'Nëtzlechkeet vun esou engem Instrument ënnerstrach, dat souwuel fir de Salarié wéi och fir d'Entreprise selwer.

Am Joer 2011 gouf dunn en Avant-projet de loi deposéiert, deen awer net d'Zoustëmmung vun de Sozialpartner fonnt huet. Am Mäerz 2014 ass de Projet dunn zréckgezu ginn. D'Negociatiounen tëschent de Sozialpartner hunn awer näischt erginn.

Nodeems de Minister vun der Fonction publique Dan Kersch en Accord mat der Statsbeamtegewerkschaft fonnt hat, goufe mam Gesetz vum 1. August 2018 d'Zäitspuerkonten an der Fonction publique agefouert. Zäitgläich gouf de Comité permanent du travail et de l'emploi mat engem neien Avant-projet fir de Privatsecteur befaasst, engem Projet, deen dem Avis vum Conseil économique et social aus dem Joer 2004 gréisstendeels Rechnung gedroen huet.

De 7. Mee 2018 gouf dunn am Comité permanent du travail et de l'emploi schlussendlech en Accord fonnt, an de Minister Nicolas Schmit konnt deen neie Projet de loi de 25. Juni zejoert deposéieren.

Dëst just, fir nach emol ze ënnersträichen, wéi schwéier et war, en Accord tëschent de Sozialpartner ze fannen a wéi laang, näämlech 20 Joer, d'Salariéen, awer och d'Entreprisen op dës nei Bestëmmunge waarden.

D'Zäitspuerkonte solle souwuel dem Salarié wéi och den Entreprisë méi Flexibilitéit bréngen an der Organisatioun vun hirer Aarbechtszäit. Besonnesch fir de Salarié hëlleft dës Moossnam, d'Privat- an d'Beruffsliewe besser mateneen ze verknäppen. De Grondgedanken ass deen, dass een Iwwerstonne respektiv Congésdeeg an esou weider kann uspueren, fir se spéider emol zesummen eranzehuelen.

Et gëtt am Liewen där Zäiten, wou ee méi muss oder och ka schaffen, an et gëtt och där Momenter am Liewen, wou ee vläicht e bësse méi Zäit brauch fir sech a säi Privatliewen. Fir déi eng ass et vläicht de Wonsch, eemol am Liewen eng grouss Rees ze ënnerhuelen, fir anerer ass et vläicht de Besoin, fir méi Zäit ze hu fir sech a seng Famill. Speziell denkt een dorun natierlech, wann Nowuess an d'Haus steet. Et kann awer och en Hobby sinn, eng Fräizäitbeschäftegung, där ee gäre wëllt nogoen, oder eng Formatioun, déi ee wëllt maachen.

Grënn, fir vun den Zäitspuerkonten ze profitéieren, gëtt et der fir de Salarié eng sëllechen, an et ass dem Salarié fräigestallt, mat senger fräier Zäit dat ze maachen, wat hie wëllt.

Awer och fir de Betrib ass et en Avantage, vun enger gréisserer Flexibilitéit bei sengem Personal kënnen ze profitéieren, zum Beispill deen Ament, wou vläicht méi Aarbecht am Betrib ufält. Dëst Gesetz setzt de Kader fir d'Zäitspuerkonten a regelt präzis, wéi eng Stonnen um Zäitspuerkont ugespuert dierfe ginn. Beim normale Congé kënnen déi Congésdeeg ugespuert ginn, déi iwwert de Minimum légal erausginn, dat heescht, am Moment muss de Salarié seng 25 respektiv, wa mer dat neit Congésgesetz bis hunn, 26 Deeg Congé normal huelen, an nëmmen, wat doriwwer erausgeet, kann ugespuert ginn.

Dës Bestëmmunge sollen d'Sécherheet an d'Gesondheet vun de Salariëë garantéieren. Eng Ausnam ass virgesi fir e Maximum vu fënnef Deeg vun deem legale Congé, wann een en Deel vun deem Congé net huele konnt wéinst engem Congé de maternité, engem Congé parental oder enger Krankheet.

Aner Stonnen an Deeg, déi ugespuert däerfe ginn, sinn zum Beispill Kompensatiounsdeeg, déi een zegutt huet, wann ee sonndes geschafft huet oder wann e Feierdag op e Sonndeg fält. Wichteg ass och ze soen, dass bei den Iwwerstonnen déi normal legal Limitte bestoe bleiwen, dat heescht e Maximum vun zéng Stonnen den Dag an 48 Stonne pro Woch.

D'Gesetz gëtt eng Partie Garantien. Den Detail an d'Modalitéite mussen awer tëschent dem Patron an der Belegschaft zesummen ausgehandelt ginn.

Fir kënne säin Zäitspuerkont opzefëllen, muss een op d'mannst zwee Joer bei der Entreprise beschäftegt sinn. De Kont gëtt da gespeist mat Stonne bis zu engem Maximum vun 1.800 Stonnen, wat bal engem ganze Schaffjoer entsprécht.

De grousse Prinzip ass dee vun „eng Stonn heescht eng Stonn". Dat heescht, eng Stonn, déi haut méi geschafft gouf, ass och muer, och an zéng Joer nach ëmmer eng Stonn wäert; och wann entre-temps dem Salarié säi Stonneloun sollt gehéicht gi sinn.

Fir dass dës Stonnen net verfalen, gëtt eist Gesetz e puer Garantien. Esou muss de Patron déi ugespuert Zäit vu senge Mataarbechter a senge Bilane kontabiliséieren. Bei enger Faillite vun der Entreprise gëllt fir d'Zäitspuerkonten ee sougenannte Superprivileg, dat heescht, dass d'Creance vun den Zäitspuerkonten nach virun där vun de Salairë als Eischt ausbezuelt muss ginn.

Iwwert de Fonds pour l'emploi gëtt och eng finanziell Garantie gestallt, déi bis zu engem Plafong vum duebele Mindestloun reecht. Falls en Aarbechtsvertrag géif opgeléist ginn oder am Fall vum Doud vum Salarié, esou gëtt den Zäitspuerkont an eng Indemnitéit ëmgewandelt, wou de Sold vu Stonne mam leschte Stonneloun gerechent an ausbezuelt gëtt.

Wichteg ass ze betounen, dass dëst Gesetz nëmme gëllt fir déi Salariéen, déi ënner e Kollektivvertrag fale respektiv ënner en Accord interprofessionnel. Dëst ënnersträicht nach emol d'Wichtegkeet, dass mer gutt Kollektivverträg an eisen Entreprisë kréien, Kollektivverträg, déi de Patron zesumme mat senge Beschäftegten aushandelt. Dës bleiwen nach ëmmer déi bescht Garantië fir gutt Aarbechtsbedéngungen a korrekt Paie fir déi schaffend Leit.

Vläicht - wie weess? - kann dëst Gesetz och dozou bäidroen, dass deen een oder anere Patron sech d'Fro stellt, engem Kollektivvertrag bäizetrieden oder - firwat net? - ee mat senge Mataarbechter auszehandelen.

Här President, eis Chamberskommissioun huet gutt an, ech fannen, och séier geschafft. Den 31. Januar huet den Aarbechtsminister Dan Kersch de Projet an der Kommissioun virgestallt, wou och direkt d'Avise gekuckt goufen. An den 28. Februar gouf mäi Rapport eestëmmeg ugeholl.

An der Kommissioun ware mer eis och eens, dass e Bilan gezu sollt ginn, nodeems dëst Gesetz bis eng Zäitchen a Kraaft ass. An deem Sënn wëlle mir haut och eng Motioun deposéieren, …

Wannechgelift, Här President!

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la conciliation entre vie familiale et vie professionnelle constitue une priorité politique pour l'actuel Gouvernement ;

- considérant que l'introduction de comptes épargne-temps permettra une meilleure flexibilité dans la gestion du temps de travail respectant les besoins des salariés et ceux des entreprises ;

- considérant que le projet de loi 7324 prévoit l'introduction de comptes épargne-temps dans le secteur privé dans le cadre d'une convention collective respectivement d'un accord interprofessionnel,

invite le Gouvernement

- à dresser un bilan permettant une évaluation de la mise en œuvre des dispositions concernant les comptes épargne-temps dans le secteur privé au plus tard trois ans après son entrée en vigueur ;

- à présenter, le cas échéant, des propositions d'adaptation tenant compte des conclusions découlant du bilan précité.

(s.) Yves Cruchten, Marc Baum, Frank Colabianchi, Jeff Engelen, Aly Kaes, Charles Margue.

… déi vun alle Parteien, ausser vun de Piraten, matgedroe gëtt a wou mer d'Regierung opruffen, eis no dräi Joer an der Kommissioun e Bilan ze presentéieren iwwert déi éischt Erfahrunge mam Gesetz.

Am Numm vun der LSAP wéilt ech selbstverständlech haut den Accord ginn an nach emol ënnersträichen, wéi wichteg dëst Gesetz ass. Dass grad haut och nach d'Sozialwahle sinn, huet schonn eng gewësse Symbolik. Dëst Gesetz ass e weidere Meilesteen an der Lëtzebuerger Sozialpolitik, eng zousätzlech Verbesserung vun eisem Aarbechtsrecht. Mir zielen, mengen ech, heimadder och zu de Pionéier an Europa.

An ech géif gär dem Minister an och sengem Virgänger felicitéiere fir dëst Gesetz, ouni awer d'Sozialpartner ze vergiessen, souwuel d'Gewerkschafte wéi d'Patronat, déi derzou bäigedroen hunn, dass dëst Gesetz eist Aarbechtsrecht moderniséiert. Bei alle Schwieregkeeten, déi mer zu Lëtzebuerg heiansdo hunn: Zu Lëtzebuerg funktionéiert de Sozialdialog, an dat ass gutt esou, an dorop solle mer och houfreg sinn.

Merci.

Une voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président*.- Merci villmools, Här Cruchten. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV)*.- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech natierlech dem Rapporteur, dem Här Cruchten, villmools Merci soe fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport.

Jo, mir doktere scho ganz laang, eng ganz laang Zäit un der Aféierung vun engem gesetzleche Kader fir d'Zäitspuerkonten, an dat natierlech och am Privatsecteur. Iwwregens, an den Här Cruchten huet et gesot, wëll ech hei och soen, datt eben de Conseil économique et social viru ganz laanger Zäit schonn en Avis gemaach huet. Ech war nach deemools Member vun deem Conseil économique et social. Ech hunn déi Diskussiounen also live matgefouert. Déi Diskussioune ware virun allem virun 2004. Ech hat also d'Éier, wierklech do derbäi ze sinn, an ech kann nëmme bestätegen, wat de Rapporteur elo grad hei gesot huet, datt och do scho ganz schwiereg Diskussioune waren, fir op e sougenannte gréngen Zweig ze kommen.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Duerfir begréisse mer, dass dat elo Realitéit gëtt. Dëst nodeems, an dat ass och scho gesot ginn, 2018 am ëffentleche Secteur en deementspriechende gesetzleche Kader geschafe gouf.

Dir Dammen an Dir Hären, ech brauch, mengen ech, kengem heibannen ze soen, datt d'Leit dobaussen eng gewëssen Erwaardung un d'Politik hunn an och haten, datt endlech an dësem Kontext Neel mat Käpp géife gemaach ginn. Fir vill Salariéë bedeiten d'Zäitspuerkonte méi gestalteresch Fräiheet, d'Fräiheet, Zäit, déi se elo direkt net brauchen, an der Zukunft kënnen ze verwäerten, am Sënn vun enger besserer Vereenbarkeet vum Familljen- an Aarbechtsliewen, vläicht och, well se iergendwann eng Auszäit wëllen huelen, fir zum Beispill eng Weltrees ze maachen oder awer sech berufflech ëmzeorientéieren, an nach villes méi.

Déi Fräiheet, Dir Dammen an Dir Hären, solle mer de Leit einfach zougestoen. An deem Sënn begréisse mer dëse Projet als en éischte Schrëtt.

Als Gewerkschaftler, mengen ech, muss ech et awer nach eng Kéier widderhuelen, sinn ech natierlech ganz houfreg, dass dëse Gesetzesprojet grad um Dag, wou mer Sozialwahlen hunn, gestëmmt gëtt. Dat huet wierklech Symbolcharakter!

Och wann dat net ëmmer ganz populär ass, soll een als Politiker de Leit awer kloermaachen, dass sech u sech mat dësem Gesetz op Anhieb näischt un der Situatioun fir d'Leit ännert. D'Gesetz, isoléiert gekuckt, bréngt de Betraffenen näämlech näischt. Et ass e bësse wéi eng Partitur ouni Orchester. D'Gesetz ass an deem Fall d'Partitur, déi nach muss a Musek ëmgesat ginn, an duerfir brauch een natierlech en Orchester. An den Orchester ass oder sinn d'Sozialpartner.

Et ass scho gesot ginn, ech wëll et awer nach eng Kéier hei widderhuelen, datt d'Leit, an dat sinn der nach ëmmer ganz vill, déi net ënner e Kollektivvertrag falen, natierlech vun dësem Gesetz net ofgedeckt sinn. Mir mussen also alles drusetzen, datt mer esou vill wéi méiglech Kollektivverträg oder, jo, Branchëverträg - wéi een et och nach aneschters seet - kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Vott vun dësem Text läit de Ball deemno also ganz kloer bei de Sozialpartner, déi - an dat muss ee ganz kloer soen - u sech net op haut gewaart hunn, mä scho ganz aktiv waren. Ech wëll an deem Sënn als Beispill un de Kollektivvertrag am Bankesecteur erënneren, dee scho säit Joren esou Zäitspuerkonten huet, an dat ouni en eenheetleche gesetzleche Kader. Wichteg ass, dass deene Beschäftegten, déi an deene Secteure schaffen, hir Situatioun u sech mat dësem Gesetz natierlech net a Fro gestallt gëtt.

Elo kann een natierlech froen: Firwat brauche mer dann eigentlech e gesetzleche Kader? Ben, aus enger ganzer Rei vu Grënn. Ech wëll hei op zwee Grënn agoen an och eng Rei Remarke maachen. D'Gesetz ass zum Beispill wichteg, well et ebe festleet, wat dierf ugespuert ginn a wat net. Ganz wichteg ass zum Beispill, datt de legale Congé vu 25 Deeg respektiv 26 Deeg net dierf op d'Zäitspuerkonte gesat ginn, mat Ausnam vu fënnef Deeg a ganz spezielle Situatiounen. Ben, dëst ass ganz sécher am Sënn vun der Gesondheet vun de Beschäftegten.

De Gesetzesprojet bedeit och e Fortschrëtt an deem Sënn, dass déi ugespuert Zäit iwwer e sougenannte Superprivileg, wéi et och scho gesot ginn ass, am Fall vun enger Faillite gedeckt ass. D'Salariatskummer schwätzt hei vun engem Super-Superprivileg, well e souguer de Superprivileg vun de Paien iwwertrëfft.

Mä Superprivileg hin oder hier: De Beschäftegten interesséiert sech derfir, wat hien am Fall vun enger Faillite direkt iwwerwise kritt. Huet d'Firma nach Aktiva, kënnen do nach Gelder mobiliséiert ginn. Well eben awer eng Faillite net vun haut op muer kann ofgewéckelt ginn, ass d'Garantie vum Fonds pour l'emploi ganz sécher primordial.

Mir deelen awer hei d'Aschätzung vun der Salariatskummer, déi sech d'Fro stellt, ob d'Deckelung vun der Garantie op zweemol de Mindestloun duergeet. Mir sollten dëst op alle Fall am A behalen an, wann néideg, nobesseren.

Ech mengen, et ass jo och hei u sech eng Motioun deposéiert ginn, wou no dräi Joer eng ganz Rei Saache gekuckt solle ginn an de Bilan gemaach ginn. An, ech mengen, hei ass och ee Punkt, deen een dee Moment wierklech soll kucken, well déi zwee Mindestléin sinn awer net vill. Wann ee kann 1.800 Stonnen uspueren, da brauch ech lech jo net ze rechnen, datt dat bei Wäitem net mat engem Superprivileg vun zwee Mindestléin duergeet. Ech mengen, an deem Sënn soll een dat wierklech nach eng Kéier kucken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ben, de virleienden Text ass, an ech hunn et virdru scho gesot, ganz kloer als positiv ze bewäerten. E méi en ambitiéise Projet wier awer duerchaus méiglech gewiescht. An ech wëll dofir op dëser Plaz un de Gesetzesprojet vun 2011 vun dem Här Minister sengem Virgänger erënneren. Iwwregens e Gesetzesprojet, deen nach wärend der leschter Juncker/Asselborn-Regierung zustane komm ass. E Projet, deen net iwwerall perfekt war, ganz sécher net, mä deen an eisen Aen déi ugespuert Zäit ënner Form vu Suen awer besser geschützt hätt.

Déi Sue sollten näämlech laut dem Projet net vun der Firma selwer gehale ginn, mä un eng Assurancëgesellschaft als Drëttpersoun iwwerwise ginn. Wier also eng Firma faillite gaangen, esou wieren déi Suen net verluer gewiescht an hätten dem Beschäftegten direkt iwwerwise kënne ginn. Dat ass zum Beispill en Aspekt, dee weist, jo, dass trotz gudden Usätz dëse Gesetzestext un Ambitiounen nach ze iwwertreffe gewiescht wier.

Ben, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Ofschloss vu menger Ried wëll ech, trotz enger Rei vu konstruktiven Observatiounen, natierlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet ginn. Ech hunn et gesot: D'Leit haten eng Erwaardung un d'Politik. Ben, déi bleift weiderhi bestoen, awer ënner anere Viraussetzungen.

An deem Sënn soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Exzellent!

Une autre voix.- Très bien !

M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance*.- Merci och dem Här Kaes. An den nächste Riedner ass de Frank Colabianchi. Här Colabianchi, Dir hutt d'Wuert.

M. Frank Colabianchi *(DP)*.- Här President, léif Kolleegen, eng vun de gréissten Erausfuerderunge fir de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ass et, fir derfir ze suergen, dass d'Leit, déi schaffen, Aarbecht, Famill a Fräizäit besser ënner een Hutt kënne kréien. An dobäi spillt eng méi grouss Flexibilitéit vun der Aarbechtszäit sécherlech eng primordial, wann och keng exklusiv Roll.

Une voix.- Ganz gutt!

M. Frank Colabianchi *(DP)*.- Et ass kee Geheimnis, dass fir d'DP eng besser Vereenbarkeet tëschent Beruff a Famill eng absolutt Prioritéit ass. Dat hu mir ënner anerem mam neie méi flexibele Congé parental, dem neie Pappecongé vun zéng Deeg an de méi flexibele Congésdeeg fir Eltere vu kranke Kanner bewisen.

Fir d'DP sinn dat sécher alles wichteg Tëschenetappe gewiescht, fir den Eltere méi Zäit mat hire Kanner ze erméiglechen. An awer muss d'Politik an eisen Ae weider Efforte maachen, fir d'Aarbechtszäite méi flexibel ze gestalten an esou nach e besseren Equiliber zwësche privatem a berufflechem Liewen ze erméiglechen.

D'Zäitspuerkonten, déi jo schonn zanter dem leschte Joer an der Fonction publique existéieren an déi mir mat dësem Gesetz och fir de Privatsecteur aféieren, sinn een Element, ee Bausteen vun enger Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten, wéi mir eis se virstellen.

Aarbechtszäit uspueren, heescht eigentlech fräi Deeg uspueren. Dat ass déi zentral, déi inherent Iddi vum Gesetz. Congésdeeg an Iwwerstonne kënne gesammelt ginn, fir se zu engem spéidere Moment anzeléisen, zu engem Moment, wou een déi Zäit besser gebrauche kann, zum Beispill well ee Kanner huet, sech berufflech wëllt ëmforméieren, wéi de Kolleeg Aly Kaes dat elo just gesot huet, e Break a sengem Aarbechtsrhythmus respektiv Aarbechtsliewe maachen, eng gréisser Rees envisagéiert oder eventuell a méi schwéieren Zäiten engem kranke Familljemember zur Säit wëllt stoen.

Dës Méiglechkeeten ze hunn, fanne mir gutt. An awer däerf dat, eiser Meenung no, och just eng Tëschenetapp virun enger nach méi grousser oder breeder Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäite sinn. Et gëtt oft esou gemaach, wéi wann d'Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäite just eng Demande vun de Betriber wier an nëmmen hinne géif entgéintkommen. Et sinn awer op d'mannst genausou oft d'Salariéen, déi op eis duerkommen, well se net méi an dem klasseschen Nine-To-Five-Job, also an den traditionellen Aarbechtszäiten, schaffe wëllen.

De CET bréngt näämlech ganz sécherlech och de Salariéen eppes. Et si ganz vill Salariéen, déi wärend enger Zäit méi laang schaffe wëllen, fir dofir an enger anerer Period méi Zäit fir sech an hir Famill ze hunn. An et sinn och oft Salariéen, déi gäre sonndes oder op Feierdeeg schaffen, well se dës Deeg besser remuneréiert an zousätzlech Congésdeeg kréien.

Et ass d'Aufgab vun der Politik - an dat ass de sprangende Punkt -, derfir ze suergen, e Modell ze developpéieren, deen e Win-win duerstellt, vun deem also souwuel d'Betriber wéi och d'Salariéë kënne profitéieren.

Gläichzäiteg stelle mir aarbechtsrechtlech Acquise wéi zum Beispill d'Héchstaarbechtszäite pro Dag a pro Woch net a Fro. De Sonndeg soll och net op eemol en normale Schaffdag sinn. D'Aarbecht um Sonndeg an op Feierdeeg soll weiderhi besser remuneréiert ginn.

D'Regelung vun den Aarbechtszäiten ass eiser Meenung no eppes, wat virun allem tëschent jiddwer eenzelnem Salariéen a sengem Patron verhandelt soll ginn. All Mënsch huet ënnerschiddlech Besoinen a sengem Privatliewen. Dofir brauche mir en Aarbechtsrecht, dat esou vill moossgeschneidert Accorden tëschent Salarié a Betrib zouléisst wéi nëmme méiglech.

Dofir soll een och fir d'Zukunft eng méi kritesch Fro bei aller Zoustëmmung zu dësem Projet de loi net aus den Ae verléieren: Firwat d'Zäitspuerkonten op Betriber limitéieren, déi ënner e Kollektivvertrag oder en Accord sectoriel falen an domat eng ganz Rei Leit d'office vum Benefiss vu méi Flexibilitéit ausschléissen?

Mir sinn eis bewosst, datt et sech bei dësem Projet de loi ëm e Kompromisstext handelt. Et kann ee sech awer nach méi Souplesse virstellen. An ech begréissen dofir, datt dëst Gesetz a seng Auswierkungen an der Praxis no enger Zäit analyséiert solle ginn, no dräi Joer, wéi ugeduecht ass, fir erauszefannen, wéi gutt d'Zäitspuerkonte genotzt ginn a wat eventuell Schwieregkeete sinn, déi mir haut nach net um Schierm hunn. Och eppes Guddes kann een heiansdo nach besser maachen.

Ofschléissend soen ech dem Rapporteur Yves Cruchten Merci fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport a ginn heimadder och den Accord vu menger Fraktioun.

Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien !

M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance*.- Merci och dem Här Colabianchi. An den nächste Riedner ass den Här Margue. Dir hutt d'Wuert.

M. Charles Margue *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech schléisse mech ville Kolleegen un, Virriedner, déi elo geschwat hunn. Ech soen dem Yves Cruchten och Merci fir säin detailléierte Bericht.

Wann ech dat richteg verstanen hunn, ass et en éischte Schrëtt, e gudde Schrëtt, a mir sollen an Zukunft méi ambitiéis sinn. An ech hoffen, dass mer eis dann an deem Sënn kënnen erëmgesinn, och op aneren Deeg wéi deem vun de Sozialwahlen, wou mer jo haut sinn. An et ass jo keen Zoufall, dass mer dat haut maachen, Aarbecht a Privatliewe méi a besser an Aklang bréngen; et ass gesot ginn.

Dëst Gesetz ass e wichtege Bausteen. 1999 an der Regierungserklärung, zéng Joer drop en Avant-projet, dräi Joer drop zréckgezunn, d'Sozialpartner si sech net eens ginn. An dann ass en Avis vum CES, deen 2004 scho virlouch, elo d'Basis vun engem Accord! Firwat hu mer déi Zäit verluer?

Am Mee 2018, wéi d'Politik dunn d'Initiativ geholl huet, a wann ech dat richteg verstanen hunn, war de fréieren Aarbechtsminister do mat um Ball, huet de CPTE dann en Accord fonnt. Dass et esou laang gedauert huet, fannen ech dann net onbedéngt dat bescht Zeechen, wat de Sozialdialog an d'Sozialpartnerschaft an där Zäit ugaangen ass.

D'Sozialpartner hu manifest u sech misse schaffen, fir zoueneenzefannen oder zu sech ze fannen an där Fro. Bon, dat ass geschitt an dat begréisse mir natierlech. E Plaffong vun 1.800 Stonnen ass e Kompromëss, deen ech elo hei net wëll a Fro stellen. Ech perséinlech hätt mer e méi héich kënne virstellen.

Als Mënsch an als laangjärege Responsabelen aus der Privatwirtschaft an als Grénge begréissen ech ausdrécklech, dass mer et hei mat enger Moossnam ze dinn hunn, wou mer e gutt Stéck weiderkommen, a puncto Aarbecht a Privatliewen - wéi et gesot ginn ass - besser mateneen an Aklang ze bréngen an eng gesond Portioun Flexibilitéit op der Aarbechtsplaz eranzebréngen, souwuel am Sënn vum Employeur wéi vum Salarié, well dat ass net just schwaarz-wäiss an där Hisiicht ze gesinn. An dat maache mer elo an engem geregelte Kader, mat deem jiddweree misst liewe kënnen. Auszäit huelen, wann ee se brauch a wa se Sënn mécht op där enger Säit, méi schaffen, wann d'Aarbecht et zäitweileg verlaangt.

Mä wat maachen eis Noperen?, huet mech interesséiert. D'Fransousen hunn zënter 1994 esou en Instrument per Gesetz am Privatsecteur agefouert an eréischt 2002 op den ëffentleche Secteur ausgebreet. Bei eise franséischen Noperen ass am Zesummespill mat der 35-Stonnewoch den Dispositif vun der Réduction du temps de travail, RTT, wéi se dat nennen, agefouert ginn. Wann Der a Frankräich sidd an et schwätzt een lech vun enger RTT, dann hutt Der ze wëssen, wat dat ass, well dat ass bei hinnen an den deegleche Sproochgebrauch agaangen, do ass ee vun zwee Salariéen dervu betraff.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Wat wëll ech domat soen? Et ass en Dispositif, deen derzou gefouert huet, dass Der lech en hallwen oder e ganzen Dag kënnt huelen, Dir huelt lech en RTT, « je pose mon RTT », soe se, wann Der e fir Privatzwecker braucht, ouni doweinst elo extra Congé mussen ze huelen. Et ass sécherlech à discuter, well ech si kee Verfechter vun der franséischer 35-Stonnewoch. Mä wat ech hei wëll soen, ass, dass esou e Gesetz, wéi mer et haut stëmmen, déif gräifend Auswierkunge kann hunn op e Mentalitéitswandel no an no. An et weist eng Pist op, wéi een an Zukunft mat Aarbechtszäitverkierzunge ganz konkret kann ëmgoen, ouni nei Rigiditéiten anzebauen.

De CET soll, kann och bei eis en Instrument sinn, mat deem mer an engem Zeenario vun neier Aarbechtszäitgestaltung relativ onkomplizéiert den Iwwergang vun engem alen op en neien Aarbechtsmodell kéinte begleeden, an deen de Patrone wéi och de Salariéen déi néideg Flexibilitéit géif ginn, fir d'Emstellung progressiv ze meeschteren. Ech denken do hei konkret un dat, wat eis alles an Zukunft erwaart, wou mer nach wëllen an dëser Legislatur driwwer schwätzen, wat d'Teleaarbecht, den Travail à distance an esou weider ugeet.

An Däitschland hu se zënter den 90er Joren de Modell an diverse Formen: Wertguthaben, Zeitwertkonto. Mä do hu se just en Equivalent a Suen, dee kënnt Der lech uleeën an dee kënnt Der lech dann herno ausbezuele loossen; also et gëtt do just e finanziellen Ausgläich a kee Stonnenausgläich. Et gouf also déck Zäit, dëse CET anzefëieren och zu Lëtzebuerg. Mä mir sinn a gudder Gesellschaft, well eis belsch Noperen hunn esou en Dispositif och eréischt zënter dem 1. Februar 2018.

Ech sinn iwwerzeegt, dass mer op béide Säiten - Betriber, Arbeitnehmer, Salariéen a besonnesch Famillje mat Kanner - dofir Gewënner sinn. Mir entschäerfen op béide Säite Spannungen a potenziell Konflikter mam Patron a mat eis selwer a mat eise Familljen. Mir kommen aus Dilemmaen eraus, wou mer eis soss ëmmer musse konkret organiséieren a beroden an de Familljen.

D'Zil muss et elo esou sinn, wéi et och schonn hei gesot ginn ass, vum Aly Kaes notamment, fir esou vill wéi méiglech Salariéen eranzekréien an dass méi Kollektivverträg op där enger Säit ausgeschafft ginn, och Accord-interprofessionnellen, mä dass mer och e Kader schafen, fir dass Betriber wéi deen, aus deem ech hierkommen, déi keng där Dispositiounen hunn, dat kënnen aféieren, mä wéi de Rapporteur mer elo grad bestätegt huet, dann hu se net dee gesetzleche Kader an net déi gesetzlech Garantien an da geschitt et oder et geschitt net. An da kritt Der e Gestionnaire, an da kritt Der en anere Manager an dee wëllt erëm näischt dovu wëssen, an dann hu mer net weidergeschafft. Mir sollen also an dëser Gesetzgebung ambitiéis och an Zukunft sinn, fir dass esou vill wéi méiglech Leit dervu betraff wäerte sinn.

An dësem Sënn ginn ech am Numm vun der grénger Fraktioun natierlech d'Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet.

A wat d'Motioun ugeet vun der Evaluatioun, wou mer festhalen, wëll ech wierklech drop hiweisen, wa mer et och net - dat hunn ech jo elo an deene puer Méint hei erfuer - kënnen an d'Gesetz aschreiwen, mer sollen awer alleguerten drun denken, dass déi Evaluatioun gemaach gëtt, fir ze gesinn, fir eis schlauzemaachen, wat esou en Instrument bréngt, ob d'Liewensqualitéit dann effektiv verbessert gëtt, wann ee sech kann e puer Deeg huelen, wann ee se brauch fir Weiderbildung, Fleegezäit oder esou weider, oder ob net - loosse mer éierlech sinn! - awer och e Presenteismus kann entstoen op der Aarbechtsplaz, ouni dass de facto geschafft gëtt. A fir opzepassen, dass keng Iwwerstonne geleescht ginn, déi op d'Käschte vun der Gesondheet vun de Mataarbechter géife goen.

Doméinst solle mer, wéi gesot, wéi beim Congé parental, wou mer eng Evaluatioun gemaach hunn, géif ech suggeréieren, dass mer relativ schnell mat esou enger Evaluatioun op de Ministère kéinten an d'Verwaltung domadder kéinte beoptragen, fir ze kucken déi Leit, déi e CET hunn, fir déi regelméisseg - ech verstoppen net, wou ech hierkommen - ze befroen, wéi se dat erliewen, dass mer net eréischt an dräi Joer dermat ufänken, mä dass mer relativ schnell eis kënne schlaumaachen, wou mer domat dru sinn.

Ech soen lech Merci.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Margue. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeff Engelen *(ADR).*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus dem Här Yves Cruchten en häerzleche Merci fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport zum Projet vun de sougenannten Zäitspuerkonten, CET genannt, wat verbonnen ass mat eenzelnen Änerungen als Basis am Code du travail.

Ech mengen, ech brauch net méi op alles anzegoen, villes ass hei gesot ginn. Et ass dëst ee Punkt, wou am Fong geholl d'Gläichstellung vum ëffentleche Secteur op deelweis de Privatsecteur iwwerdroe gëtt. Leider ginn dës Zäitspuerkonten nëmmen op Betriber iwwerdroen, déi engem Kollektivvertrag ënnerleien. Mir bedaueren, datt dëst Gesetz net kann ugewannt gi bei alle Betriber, och méi klenger, well et wier och ganz sécher vu Virdeel fir déi.

Et ass dëst och eng Flexibiliséierung, liichter Mooss, vun der Aarbechtszäit. Wann zum Beispill vill Aarbecht an engem Betrib ass, kann dëse méi laangen Asaz op fräiwëlleger Basis spéider kompenséiert ginn op Zäiten, wou och da manner Aarbecht am Betrib ass, wat jo awer ganz sécher och e Virdeel ass fir déi zwou Säiten.

Et ass dëst e Gesetz, menger Meenung no, wat dem Patron wéi och de Salariëë soll zeguttkommen. Duerfir ass et och ze begréissen, datt dëst op fräiwëlleger Basis muss arrangéiert ginn an och ënner wat fir enge Konditiounen.

Et muss een och wëssen, an dat bedauere mer e bëssen, och als Gewerkschaftler, datt domat de Supplement fir Iwwerstonnen ewechfält. An dës ginn am Kader vun den Zäitspuerkonten eent zu eent iwwerdroen. Et fënnt nëmmen Uwendung op déi Salariéen, déi op d'mannst zwee Joer an engem Betrib sinn, an et ass op 1.800 Stonne begrenzt. D'Zäitspuerkonte kënnen opgebaut ginn op Basis vun net gehuelene Congésdeeg. Allerdéngs kënnen dat nëmme Congésdeeg sinn, déi iwwert dem gesetzlech virgesinnene Mindestcongé leien. Do derbäi Iwwerstonnen, SRen an esou weider.

Dës ugespuert Stonnen, oder opgespuert Stonne mussen natierlech an engem Regëster festgehale ginn, wou deen eenzelne Salarié zu all Zäit a seng Kompensatiounsstonnen Asiicht ka kréien. Iwwert d'Gesetz gëtt och geregelt, wéi dës Stonnen eranzehuele sinn. Et ass e Mount am Virauser unzefroen, an da mussen déi och accordéiert ginn am Sënn vum Betrib, wann deen dat zouléisst.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Här Engelen, erlaabt Der, datt den Här Cruchten lech eng Fro stellt?

M. Jeff Engelen *(ADR).*- Jo, pardon, ech hat en net gesinn.

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.*- Dat ass net schlëmm. Här Engelen, ech wollt just froen, ech weess net, ob ech lech richteg verstanen hunn. Mir sinn eis jo awer eens, wann een eng Iwwerstonn mécht, haut schonn, dann huet een dofir annerhallef Stonn zegutt.

M. Jeff Engelen *(ADR).*- Jo.

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.*- Dir hat elo gesot, dass, wann een eng Iwwerstonn gemaach huet, krit een eng Stonn, neen: Déi kritt een zu annerhallef Stonn guttgeschriwwen am Zäitspuerkont.

M. Jeff Engelen *(ADR).*- Am Gesetz steet awer eent zu eent.

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.*- Neen, dat steet net an deem heite Gesetz, dat steet elo schonn haut am Code du travail. Dat steet haut schonn am Gesetz. Ech wollt dat just präziséieren, falls Der dat net richteg …

M. Jeff Engelen *(ADR).*- … eng Iwwerstonn annerhallefmol, 1,5-mol bezuelt. An an dësem Fall hei kritt Der se eent zu eent iwwerdroen.

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.*- Dir kritt se och 1,5-mol guttgeschriwwen.

M. Jeff Engelen *(ADR).*- Nee, nee, et steet aneschters am Gesetz. Da muss ech dat elo kucken herno. Ech kucken. Also ech hunn et awer extra gelies, datt et eent zu eent iwwerdroe gëtt.

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.*- Neen, et steet …, Dir däerft net hei am Gesetz nokucken, Dir musst am Code du travail nokucken. Do fannt Der et.

Une voix.- Et misst awer hei geregelt ginn, wann dat heite stëmmt.

M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Et ass eng Referenz dran am Gesetz op alle Fall. Sou einfach ass et.

M. Jeff Engelen *(ADR).*- Bon, mir kucken dat dann. Also, wann et esou ass, tant mieux, desto besser. Ech si jo net dergéint.

(Hilarité)

Une voix.- Mir hale fest, datt d'Sozialisten dat do behaapten, an da gëtt nogekuckt.

Une autre voix.- Mir hale fest, dass et 1,4 ausbezuelt gëtt.

M. Jeff Engelen *(ADR).*- Ech mengen, mat dësem Gesetz kann elo jiddweree säin …

(Interruption)

Jo. Ech mengen, mat dësem Prinzip vun Iwwerstonne ka jiddwereen da liewen an och am Konsens sech selwer organiséieren. A wa jiddweree vernünfteg ass, misst dat goen.

Mä si kënnen och nëmmen ausbezuelt gi bei enger Opléisung vum Aarbechtskontrakt, dann däerfe se nëmmen ausbezuelt ginn. Bei enger Faillite huet de Salarié zwou Ofsécherungen oder och net: Engersäits ginn dës Stonne wéi d'Paien alleguerte privilegéiert als Éischt ausbezuelt, ier all déi aner drukommen, an anersäits ass d'Garantie ginn, falls net genuch Geld sollt iwwreg bleiwen aus der Faillite, datt een Deel ka vum Fonds pour l'emploi iwwerholl ginn, allerdéngs bis zu engem Plaffong vun zweemol dem Mindestloun.

Mä domadder hunn ech elo meng Problemer. Och am Gesetz ass dat net kloer definéiert, wéi d'Privilegien do sinn. Well mir wëssen alleguerten, wann eng Faillite ass, dann dauert dat Wochen a Méint, ier déi iwwert d'Bün ass. Kréien da schonn déi eenzel Salariéen déi zweemol de Mindestloun oder musse se waarden, bis datt dat gesprach ass?

Esou wéi ech d'Gesetz gelies hunn, ass dat net kloer definéiert. An ech wär frou, wann den Här Minister eis herno kéint eng kloerstellend Äntwert zu där Geschicht do ginn. Ech hunn et net erausfonnt. Ech wär frou, Här Minister, wann Der dat kéint erabréngen.

Et wär och nach vläicht wichteg an dësem Kontext bei Faillitten - ech hunn et selwer zwar perséinlech net erlieft, mä ech hat awer eng Rëtsch Kolleegen oder Frënn, déi dovunner betraff waren -, ier déi dann d'Pai kréien, dat dauert immens laang, ier déi Prozeduren do iwwert d'Bün sinn. An ech wär frou, wa mer do eng gesetzlech Regelung kéinte fanne fir spéider, datt dat méi séier iwwert d'Bün géif goen. Ech mengen dat elo niewebäi gesot.

An ech mengen, da wier ech scho bal um Schluss ukomm. Ech gi jo och dovun aus, datt, wann e Patron eng Entreprise iwwerhëlt, dann iwwerhëlt en och déi Zäitspuerkonten, déi hëlt e jo mat, soss wier et jo awer net richteg, déi misste jo dann och mat iwwerdroe ginn.

Bei dësem Gesetz, wéi och bei villen aneren, ass net alles Gold, wat blénkt. Et beinhalt awer och Gefore vun Abus-Bedreiwen. Dofir soll een, an dat begréisse mer, mir hunn dat och ënnerstëtzt, no enger gewëssener Zäit eng Analys maache vun dësen Upassungen am Code du travail an noutfalls Korrekturen oder Verbesserungen ubréngen. Duerfir hu mer och déi Motioun matgedroen.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, mir ginn als ADR eis Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

Merci fir Äert Nolauschteren.

Une voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Engelen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech mengen, wann ee sech den Historique vun den Zäitspuerkonten ukuckt, da kann ee just soe bei deem Text, dee mer hei virleien hunn: „Endlech, endlech ass en an der Plenière!" An esou, wéi et ausgesäit, gëtt e jo och mat enger iwwerwältegender Majoritéit hei gestëmmt.

Et ass effektiv esou, datt an den 90er Joren an eisen Nopeschlänner ugefaange ginn ass, gesetzlech Kaderen ze schafen, fir méi flexibel Aarbechtszäiten, Zäitspuerkonten ze etabléieren, emol mat méi, emol mat manner groussem Erfolleg. An effektiv sinn et elo 20 Joer hier, datt de Jean-Claude Juncker dee Moment a senger Regierungserklärung och Zäitspuerkonte fir Lëtzebuerg ugekënnegt hat.

Elo, fënnef Legislature méi spéit, hu mer dann endlech den definitiven Text hei virleien! An et muss ee soen, datt déi Situatioun, déi ganz laang Zäit blockéiert war, mengen ech, duerch ee Moment katalyséiert ginn ass zum Besseren, an dat war näämlech d'Aféierung vun den Zäitspuerkonten am ëffentlechen Déngscht. Dat huet en Drock, mengen ech, hiergestallt, fir datt konnt den Accord tëschent Gewerkschaft a Patronat och fonnt ginn, en Accord, mat deem béid Säite sécherlech net honnertprozenteg zefridde waren, awer op jidde Fall béid Säite mat där heiter Propositioun och liewe kënnen. An et ass e Beispill derfir, datt och sozial Avancéeën an engem Secteur, an dësem Fall vun der Fonction publique, kënne wierklech positiv Repercussiounen op en anere Secteur hunn, wéi an dësem Fall de Privatsecteur, wat all déi Lige strooft, déi probéieren, ëmmer nees erëm deen ee géint deen anere Secteur auszespillen.

D'Essenz vum Gesetz ass virdrun och schonn e puermol erkläert ginn. Ech mengen, datt et ëm zwee wesentlech Elementer geet: Dat éischt, dat ass ganz wichteg, näämlech eng gewonnen Zäitsouveränitéit, déi méiglech ass ab elo fir Salariéen oder wou et zumindest e Kader gëtt, innerhalb vun deem sech déi Zäitsouveränitéit kann ofspillen. An dat deklinéiert sech dann op Fäll wéi Vereenbarkeet vu Beruff a Privatliewen, woubäi Privatliewe sécherlech bei ville Leit - Famill - eng ganz wichteg Roll spillt, mä et muss net dat sinn. Et ass dem Salarié fräi iwwerlooss, wat en da mat där ugespuerter Zäit och wierklech maache kann, souverän iwwert déi Zäit an iwwer seng perséinlech individuell Projete kënnen ze decidéieren.

Duerfir begréisse mer och ausdrécklech, datt déi Zäitspuerkonten entgéint engem viregten Entworf och an Zäit gemooss ginn an net a Suen, well et hätt eng Dier opgemaach fir eng Vermëschung tëschent der Remuneratioun vun der Aarbecht an der Aarbechtsandeelung, den Aarbechtszäitpläng, déi an eisen Ae ganz ongesond gewiescht wier, an et hätt kënnen Zuch si fir immens vill Abusen, wou eventuell Salariéen hätte kënne genéidegt ginn, dann eventuell op Gratifikatiounen ze verzichten, fir am Géigenzuch hir Zäit kënnen aneschtwou opzeschreiwen. Mir mengen, datt et hei wichteg ass, déi doten Demarche ze huelen, datt eng Stonn eng Stonn ass, an eng Stonn Sondesaarbecht oder eng Iwwerzäit gëtt och entspriechend dem Code du travail ugerechent.

Et ass awer, an do muss een da vläicht d'Grenz zéie vun deem grousse Worf, wéi et ugekënnegt ginn ass, dat ass, et ass eigentlech kee wierkleche sozialen Acquis! En ass näämlech nach ëmmer ofhängeg vum Accord vun den Tariffparteien, dat heescht vun der Existenz vun engem Kollektivvertrag. Et ass op där enger Säit keng Obligatioun fir e Salarié, fir Zäitspuerkonten mussen ze huelen, an op där anerer Säit ass et och keng Obligatioun fir en Employeur, fir mussen Zäitspuerkonten anzeféieren.

Duerfir war ech e bëssen erstaunt iwwert d'Krokodillstréinen, déi verschidde Patronatsvertrieder gekrasch hunn, datt gesot ginn ass, dës Regierung géif esou vill Flexibilitéit vun hinnen ofverlaangen! Also hei si si nach ëmmer Här a Meeschter. Wa se et da wierklech net wëllen, da musse se et och net maachen.

D'Konditioun vum Kollektivvertrag bedeit, an dat ass och virdru schonn ugeschwat ginn, datt ronn d'Halschent vun de Salariéen zu Lëtzebuerg kee Kollektivvertrag hunn, dat heescht och net direkt ënnert d'Bestëmmunge vun deem heite Gesetz falen.

Ech mengen, datt ee Wee fir d'Erweiderung sécherlech deen ass vun der Stäerkung vum Kollektivvertragswiesen. An ech mengen, datt et wichteg ass, datt no deenen Erfahrungen, déi mer elo maachen, an no där Motioun, déi de Rapporteur hei och presentéiert huet, déi mir och ënnerschriwwen hunn, no där Evaluatioun, fir och wierklech kënnen ze kucken, ob een net och gesetzlech eventuell ka virgoen, fir deen Domän auszeweiden.

Ech mengen awer, datt et wichteg ass grad an esou engem awer heikele Sujet, wou ganz séier kann Drock op Salariéen ausgeüübt ginn, deen een oder deen anere Wee ze huelen, datt d'Gewerkschaften hei mat am Boot sinn a mat verhandelen iwwert déi konkret Ëmsetzung vun den Aarbechtszäitkonten.

Et gëtt nach zwou méi kleng kritesch Bemierkungen, déi ech ze maachen hätt. Dat wieren Elementer, déi och virdru schonn ernimmt gi sinn. De Fonds pour l'emploi kënnt bei de Creancë fir de Wäert vum duebele Mindestloun op am Fall vun den Zäitspuerkonten. Am Fall vu klassesche Salairen ass dat sechsmol de Mindestloun. Et ass d'Iwwerleeung, ob een dat net hätt kënnen adaptéieren oder alignéieren, fir do och méi eng grouss Sécherheet ze bidden an domat och d'Attraktivitéit méi grousszemaachen.

D'Salariatskummer huet och monéiert, datt an deem Accord, deen 2004 fonnt ginn ass am Wirtschafts- a Sozialrot, datt do keng Limitatioun an der Durée dra war. Also, hei ass et och keng Limitatioun, mä et ass eng Mindestbedéngung vun zwee Joer, wou ee muss Anciennetéit an engem Betrib hunn. D'Sozialpartner haten dat an hirem éischten Avis net esou virgesinn. An d'Salariatskummer kritiséiert dat och e bëssen. Ech mengen, dat gehéiert och zu där Evaluatioun, déi ee maache muss, an zu eventuellen Adaptatiounen, déi een an enger nächster Etapp sollt virhuelen.

Als leschte Punkt oder vläicht ofschléissend: Wéi gesot, et ass, mengen ech, eng Dier, déi mer opgemaach hunn, an e Fouss an déi Dier gestallt, fir de Salariëë méi Rechter ze ginn, och méi Souveränitéit iwwer hir Zäit, mä et dispenséiert eis net vun enger genereller Diskussioun, déi mer hoffentlech an deenen nächste Wochen a Méint verstäerkt kréie wäerten iwwer eng strukturell Reduzéierung vun der Aarbechtszäit.

Mir mengen, datt dat nach ëmmer à l'ordre du jour vun dëser Chamber gehéiert, datt dat nach ëmmer à l'ordre du jour vun der Entwécklung vun eiser Ekonomie gehéiert. An dëst gesot, stëmme mer dat heite Gesetz awer mat.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Baum. De leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement *(Piraten).*- Dir Dammen an Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mir eis den Historique vun dësem Gesetz ukucken, kënne mer frou sinn, datt mer haut iwwerhaapt eppes virleien hunn, iwwert dat mer ofstëmme kënnen. Datt dëse Projet laang op sech waarde gelooss huet an datt mir eis elo dezent doriwwer freeë kënnen, iwwerhaapt eppes virleien ze hunn, sollt awer net doriwwer ewechtäuschen, datt dëse Projet wäit hannert den Erwaardungen un e Gesetz iwwer wierklech Zäitspuerkonten am Privatsecteur zréckbleift.

Et ass och net esou, wéi heiansdo ugeklongen ass, datt dat heiten eng Inspiratioun un der Fonction publique geholl huet, well d'Fonction publique waren net déi Éischt, déi Zäitspuerkonten agefouert hunn, mä si hunn u sech eppes gemaach, wat am Privatsecteur an deene leschte Jore scho gang und gäbe war, wat vill Betriber scho gemaach hunn, ouni datt se dofir e Gesetz gebraucht hunn, wat se onnéideg ageschränkt huet.

Wann d'Gesetz virschreift, datt d'Zäitspuerkonten nëmmen agefouert däerfe ginn, wann e Kollektivvertrag oder en Accord sectoriel oder souguer national virläit, ass dat eng Aschränkung, déi d'Mise en place vun Zäitspuerkonte ganz einfach aschränkt. Och datt een eng Anciennetéit vun zwee Joer brauch, fir iwwerhaapt dovunner profitéieren ze kënnen, ass an eisen Aen eng onnéideg Limitatioun, well et doduerjer d'Zuel vu potenzielle Beneficiarë ganz erhieflech aschränkt.

Eiser Meenung no ass dat grondlos, well eng Persoun, déi op enger neier Aarbechtsplaz ufänkt, sollt och d'Chance hunn, ab dem éischten Dag kënne Stonnen ze accumuléieren, wa se dat fir néideg fënnt, wann et dann tatsächlech de But vun dësem Projet ass, et jiddwerengem ze erméiglechen, spéider vun deene Stonne kënnen ze profitéieren.

Mir hunn haut e puermol héieren „eng Stonn ass eng Stonn". An deementspriechend sollt och eng Stonn vun engem, deen den éischten Dag schafft, dat nämlecht wäert si wéi eng Stonn vun engem, dee schonn zéng Joer an deem nämlechte Betrib schafft.

Wa mer dann awer och nach berücksichtegen, datt dëse Projet keng Portabilitéit vun dem Zäitspuerkont virgesäit, dat heescht, datt all Kéiers, wann een de Patron wiesselt, ee sech ausbezuele léisst, zwar Sue kritt, awer net vum Congé ka profitéieren, da kënne mer hei net vun engem Zäitspuerkont schwätzen. Da kënne mer hei héchstens vun enger Faveur vum Patron schwätzen, datt en dat accordéiert an deementspriechend a sengem Bilan herno ebe bezuele muss oder net bezuele muss.

Et ass op alle Fall net esou, datt ech hei e Spuerbuch fir mäi Liewen uschafen, well d'Realitéit um Terrain ass haut ganz seelen, datt een nach 40 Joer beim nämlechte Patron bleift. Vill ze heefeg hu mer haut Leit, déi sech vun CDD zu CDD hangelen, fir den Ufank vun hirer Carrière, a wa se da bis en CDI hunn, deen och seele bis zum Enn vun hirer Carrière duerchzéien.

All dës Leit mat gebrachene Curriculume kënnen net wierklech vun engem Zäitspuerkont profitéieren! Well wann et d'Zil ass, datt ee sech spéider kann eng grouss Vakanz erlaben, datt ee vläicht ee Joer ka Congé huelen, dann ass dat verfeelt, well déi Leit gëtt et net méi.

En anere Punkt, an och doriwwer ass vill geschwat ginn, iwwert dee Super-Superprivileg, wéi d'Chambre des Salariés et genannt huet, geet eis net wäit genuch. Wann d'Mass an der Faillite vun engem Betrib dat net hiergëtt, wat um Bilan steet, da verfalen déi Sue bis à l'occurrence vun zweemol de Mindestloun.

Elo hu mer eng Kéier nogerechent an een, deen tatsächlech seng 1.800 Stonnen accumuléiert a just de Mindestloun verdéngt, deen huet dee Moment eng Creance vis-à-vis vu sengem Patron vun iwwer 20.000 Euro opstoen. Wann d'Faillitemass dat net deckt, verléiert déi Persoun 16.000 Euro. An dat sinn net 16.000 Euro, déi hypothetesch iergendwou eng Kéier ugespuert goufen; dat si 16.000 Euro Loun fir Stonnen, déi geschafft goufen! Dat ass also reell Aarbechtskraaft, déi verluer geet.

Eigentlech spuert och de Salarié an dësem System iwwerhaapt näischt, och wann den Numm „Compte épargne" een dat gleewe kéint loossen, well eigentlech gëtt de Salarié sengem Patron e Prêt a Form vu senger Aarbechtskraaft. Hie léint zu engem Zäitpunkt x dem Employeur seng Aarbechtskraaft, ouni dofir entlount ze ginn, an de Patron soll an der Zukunft dësen Aarbechtskreditt dann zréckbezuelen a Form vu bezueltem Congé.

De Risiko vun dësem Prêt dréit eleng de Salarié. Wa mer e Compte épargne-temps géife vergläiche mat engem Compte épargne bei egal wat fir enger Bank hei zu Lëtzebuerg, da wär de Montant, deen assuréiert ass, 100.000 Euro! Net 4.000 Euro! Dat heescht, de Risiko ass disproportional fir de Salarié, deen trotz Super-Superprivileg riskéiert, op engem Groussdeel vu sengem Prêt un de Patron sëtzen ze bleiwen.

Mir verstinn: Et ass net finanziell méiglech, datt de Fonds pour l'emploi dat zu 100 % géif assuréieren. Dat ass och net d'Fuerderung, déi mir géife stellen. Mir hätten eis do dem CES ralliéiert, dee proposéiert huet, datt dat heiten iwwer eng Mutualitéit vun de Patrone geléist géif ginn an doduerjer kéint réckverséchert ginn, soudatt tatsächlech, äänlech wéi bei de Banken, äänlech wéi bei engem richtege Spuerkont, de Salarié net um Risiko vun deem Prêt sëtze bleift, mä e richtegt Spuerbuch mat enger Garantie vun 100.000 Euro dee Moment hätt.

Well de Gesetzesprojet dës Ofsécherung allerdéngs net virgesäit, well mer der Meenung sinn, datt vill ze vill Leit duerch de Raster vun dësem Projet falen, an obwuel mir et grondsätzlech begréissen, datt mer d'Aarbechtszäit flexibiliséieren, de Patronen an de Salariëë méi Méiglechkeeten ginn, fir hei anescht ze schaffen, modern ze schaffen, ass deen heite Projet fir eis defaillant genuch, datt mer him keng Zoustëmmung kënne ginn, well hei definitiv Nobesserungsaarbecht ze leeschten ass.

An ech kommen nach ganz kuerz, well ech nach e puer Minutten hunn, op d'Motioun zréck, déi haut deposéiert gouf an déi mer begrënnt net ënnerschriwwen hunn. Begrënnt, well mir fuerderen doran d'Regierung op, an dräi Joer en Outil nach eng Kéier ze reevaluéieren, dee potenziell Leit, déi haut eng Planung fir hir nächst 40 Joer solle maachen, erëm an d'Ongewëssheet soll bréngen! Dat hale mer net fir nohalteg.

Deementspriechend wäerten d'Pirate sech bei dësem Projet enthalen. Mir géifen eis freeën, wann dann an dräi Joer eng Évaluatioun trotzdeem, well mir wëssen, datt d'Majoritéite jo Majoritéite sinn, ...

(Brouhaha et hilarité)

... datt eise Bedenke spéitstens dann, awer hoffentlech éischter, wäert Rechnung gedroe ginn.

Ech soen lech Merci.

M. Marc Goergen *(Piraten).*- Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. Et ass un lech, Här Aarbechtsminister Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, et kënnt jo net all Dag vir, dass ech mech mat der Ried vum Spriecher vun der gréisster Oppositiounspartei bal kann zu 100 % identifizéieren. Dat war haut de Fall. An ech wëll dofir ganz konkret Merci soe fir déi konstruktiv Approche.

An ech war scho bal frou, wou en nach eng Bemierkung gemaach huet iwwer e fréiere Projet de loi, nëämlech dee vun 2011, an doranner eng Rei vu Virdeeler entdeckt huet par rapport zu dësem Projet. Do differenzéiere sech eis Meenungen. Dee Projet war a mengen Aen net machbar. En ass och duerchgefall, souwuel bei de Sozialpartner, déi en als net konsensfäeg ugesi gehat haten, genausou wéi och beim Conseil d'État. An dat war och de Grond, firwat dass d'Regierung dee Projet de loi 2014 zréckgezunn huet an en neie gemaach huet.

Eenegkeet, mengen ech, besteet och iwwert d'Motioun, déi presentéiert ginn ass. Well, ech mengen, et ass hei sënnvoll, no dräi Joer e Bilan ze zéien, ëmsou méi déi Behaaptung, Här Kaes, ganz richteg ass, dass deen heiten Text u sech vun de Sozialpartner herno a konkret Musek muss ëmgesat ginn. Dat war och den Usproch vun dësem Text. Net méi an net manner. Den Usproch war et, fir e Kader ze setzen, wou de CET kéint zur Normalitéit ginn. An dat hu mer, mengen ech, mat dësem Projet och fäerdegbruecht.

Här President, ech wëll och dem Rapporteur an der Kommissioun e ganz grousse Merci soe fir e Rapport, deen, mengen ech, op eng exzellent Aart a Weis duergestallt huet, a wéi eng Richtung et hei sollt goen.

„Ech si geléiert ginn, dass sozial Fortschrëtter, egal a wéi engem Secteur se realiséiert ginn, ëmmer erëm Signalwierkung op all aner Secteuren haten. Dat war net aneschters, wéi an de 60er Joren den Index agefouert ginn ass, fir d'Éischt an der Fonction publique, fir sech herno op d'gesamt Lëtzebuerger Land auszedeenen. Emgedréit waren den 13. Mount oder d'Iessensgeld Saachen, déi fir d'Éischt am Privatsecteur realiséiert gi sinn, ier se dann och an der Fonction publique zur Selbstverständlechkeet gi sinn."

Fir déi, déi scho méi laang an dësem héijen Haus sëtzen, sinn dëst bekannte Wierder. Et ass effektiv en Zitat aus menger Ried vum 17. Juli 2018, bei Geleeënheet vun der Aféierung vun den Zäitspuerkonten an der Fonction publique.

Här President, déi Wierder vun deemools ginn haut duerch d'Realitéit bestätegt. Si hunn näischt un hirer Aktualitéit verluer. An ech sinn iwwerzeegt dovunner, dass se och an Zukunft hir Richtegkeet wäerte behalen. An och den Här Baum huet dorop higewisen.

Ronn 15 Joer no engem konsensuellen Avis vum Conseil économique et social kënne mer haut endlech gréng Luucht gi fir d'Aféierung vun engem klore gesetzleche Kader fir d'CETen am Privatsecteur. An ech behaapten hei ganz kloer: Ouni den Deblocage an der Fonction publique wär dësen entscheedende Schrëtt no vir fir de Privatsecteur net méiglech gewiescht. Et wier sech weider iwwert d'Prinzipien, virun allem awer iwwer Detailer zerstridden an zermault ginn, ouni dass et zu engem konkrete Resultat komm wär.

Déi wichteg Prinzipie vun dësem Projet sinn dann och identesch mat deenen aus der Fonction publique:

- d'Méiglechkeet vun der Uspuerung vu maximal 1.800 Stonnen, woumat een theoretesch ee Joer kéint aussetzen;

- de Prinzip „eng Stonn ass eng Stonn". Ee Prinzip, deen an der Vergaangenheet ganz kontrovers diskutéiert ginn ass a wou sech vill driwwer zerstridde ginn ass, ass souwuel bei der Fonction publique ëmgesat ginn a kënnt och elo hei;

- de gesetzlechen - an och dat ass fir mech ganz wichteg - Minimalcongé kann net gebraucht ginn, fir de Compte épargne-temps ze fidderen.

Fir de Privatsecteur waren awer nach eng Rei vu Spezifissitéiten ze regelen. Esou hu mer missen eng duebel Garantie schafen, dass de Salarié, deen e gutt gefidderte Compte épargne-temps huet, am Fall vun enger Faillite net mat eidelen Hänn dosteet.

Dofir gëtt am Code civil dee Superprivileg, vun deem jo elo scho ganz vill geschwat ginn ass, geschafen. A virun allem ass et kloer, dass dat déi éischt Schold ass, déi muss beglach ginn. Och dat sollt eng Kéier kloer hei gesot ginn.

An zweetens, fir de Fall, wou de Superprivileg näischt bréngt, well eben näischt méi an der Liquidatiounsmass dran ass, iwwerhëlt dann, esou wéi dat och scho virdrun hei gesot ginn ass, de Fonds pour l'emploi d'Entschiedegung mat engem Maximum vun zweemol dem Mindestloun.

Dës Regelung war eng, an dat ass ganz kloer, vun den haarden Nossen, déi huet misse geknackt ginn, fir dass et schlussendlech ...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Nëss?

(Interruption)

Eng Noss, zwou Nëss. Et léiert een ... Et kann een esou al ginn, wéi ee wëllt, et léiert een ëmmer nach bäi.

(Hilarité)

Dës Regelung war eng vun deenen haarden Nëss, déi geknackt hu misse ginn, ...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Si mer eis eens?

Plusieurs voix.- Jo.

(Brouhaha)

M. Fernand Etgen, *Président.*- Den Här Kersch huet d'Wuert, a soss keen.

(Brouhaha)

M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Okay. Et war op jidde Fall ee vun deene Problemer, déi geléist hu misse ginn, fir schlussendlech zu engem Accord, och bei de Sozialpartner, ze kommen, wat menger Meenung no e ganz wichtegt Element ass.

Weiderhi kann, an och dat ass virdrun hei ugeschwat ginn, de Compte épargne-temps nëmmen iwwer Kollektivvertrag oder iwwer interprofessionellen Accord agefouert ginn.

A wann et Froe gëtt, firwat dass dat gemaach ginn ass, da wëll ech drop hiweisen, dass et drëms gaangen ass, hei eng zousätzlech Sécherung fir d'Salariéen ze schafen, nëämlech déi, dass de CET net ka mëssbraucht ginn, fir eng ongeregelt Flexibilitéit ze octroyéieren ouni Géigeleeschtung. Et huet also säi Grond, firwat dass d'Gewerkschaften hir Plaz bei der Aushandlung vun engem CET behalen.

An doriwwer eraus ass et och en indispensabelt Element vun der Gläichstellung vun dësem Projet mat deem Projet, dee mer an der Fonction publique hunn, wou et nëämlech garantéiert ass, dass et de Fonctionnaire-agent ass, an hien oder si eleng, deen driwwer decidéiert, wéi säin Zäitspuerkont gefiddert gëtt an net iergendeen aneren.

Et sief also och hei drun erënnert, dass am Fall vun enger Opléisung vum Aarbechtskontrakt - awer nëmmen dann! - och d'Méiglechkeet besteet, sech déi Stonne vum Compte épargne-temps ausbezuelen ze loossen. Dat gëllt natierlech och an engem Stierffall, wou d'Ierwen dann d'Recht op d'Ausbezuelung natierlech behalen.

Et soll awer kloer sinn, dass dat Ausbezuelen éischter den Ausnamefall ass. D'Fonctioun vum Compte épargne-temps soll net vu finanziellen Interête geleet ginn, mä éischter vun Iwwerleeunge vun enger besserer Koordinatioun vun Aarbechts- a Familljeliewen. Domadder reit sech dee Projet an an eng Rei vu kohärente Politicke vun dëser Regierung, am Déngscht vun de schaffende Leit. Et ass e weidert Stéck am Puzzle, deen ëmmer méi konkret Formen unhëlt, dee Lëtzebuerg zu engem liewenswäerte Land mécht an un der Pointe vum soziale Fortschrëtt steet.

Merci villmools.

Une voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7324. Den Text steet am Document parlementaire 7324[4].

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7324 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler (par M. Paul Galles) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Vote sur la motion 1

Da kéime mer zum Vott vun der Motioun.

Ass de Vote électronique gefrot?

(Négation)

Da kënne mer à main levée ofstëmmen.

Wien ass fir dës Motioun?

Wien ass dergéint?

Dann ass d'Motioun 1 mat 58 Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

(La motion 1 de M. Yves Cruchten est adoptée à main levée, contre deux voix du groupe technique - Piraten.)

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer nees um zwou Auer zesummen.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 17.53 heures.)

Le saviez-vous ?

DÉPÔT

Le dépôt est l'acte par lequel la Chambre des Députés est officiellement saisie d'un projet de loi ou d'une proposition de loi.